1-2019-O-M-5649-01 (n°3091)

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Dépôt: Marc Goergen
Débat iwwert den nationalen Klima– an Energieplang

Lëtzebuerg, den 19ten Dezember 2019

12

# Motioun

**D'Deputéiertechamber,**

Ugesiichts vum nationale Klima– an Energieplang an notamment sengem Zil erneierbar Energien zu Lëtzebuerg auszebauen;

Bewosst, dass duerch d'Klima– an Ëmweltpolitik de Marché vun den erneierbaren Energien duerch staatlech Subventiounen an Investitioune massiv wäert gestäerkt ginn;

Wëssend, dass verschidde Regierungsmemberen no hiren Deklaratioune Participatiounen an Energiesociétéite besëtzen an doduerch direkt vun der Klimapolitik vun der Regierung profitéieren;

Vu den Artikel 4 vum Deontologieskodex vun der Regierung, dee beseet, dass Ministeren an Deliberatiounen am Regierungsrot, an deenen si en direkten Interêt hunn, net därfen deelhuelen;

Schlussfolgerend, dass Participatiounen a Societéiten een direkt Interessi duerstellen;

**invitéiert d'Regierung**

bei de Ministeren mat Participatiounen an Energiesociétéiten z'intervenéieren, fir dass dës hier Participatiounen a Societéiten, déi direkt vum nationale Klima– an Energieplang wäerte profitéieren, bis zum Akraafttrieden vum Plang verkafen.

Marc Goergen